



Pressematdeelung

FGFC Gewerkschaft vum Gemengepersonal steet der Regierung mat Rot an Dot zur Verfügung

D'FGFC gratuléiert den zukünftege Ministeren op hir Posten an ass no der hauteger Pressekonferenz zouversichtlech, datt mir zesumme Lëtzebuerg fortschrëttlech viruféiere wäert. Dem Formateur Frieden seng Aussoe kléngen an éischer Linn villverspriedend, a mir freeën eis no enger grëndlecher Analyse vum Koalitionsaccord an d'Detailer ze verdéiwen.

Gewerkschaft vum Gemengepersonal leet besonnesch Wäert op d'Zesummenaarbecht am öffentlechen Déngscht an ënnersträicht, datt et de facto keng Parteidifferenzen méi sollen tëscht dem Ministère „Fonction publique“ an dem „Ministere de l'Intérieur“ ginn. D'FGFC engagéiert sech fir eng méi enk a kloer gemeinsam Richtung, fir d'Erausfuerderungen am öffentleche Secteur effizient a gezielt unzegoen.

Dem zukünftege Minister Gloden, mat senger laangjäreger Erfahrung als Buergermeeschter, bidde mir als FGFC eis fachlech Kompetenzen an eis praktesch Erfahrung vum Gemengepersonal fir de Gemengesecteur un. D'FGFC gesäit seng Expertisen als eng wäertvoll Ressource fir zesummen innovativ Léisunge fir lokal a kommunal Erausfuerderungen z'entwéckelen.

D'FGFC seet eiser fréierer Inneministerin Bofferding Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a wënscht hir alles Guddes a vill Erfolleg op hirem zukünftege Wee als nei Fraktionscheffin.

Gewerkschaft vum Gemengepersonal bekräifegt hir Bereetschaft, d'Regierungmat Rot an Dot aktiv z'ënnerstëtzen, fir zesummen eng positiv Entwécklung fir Lëtzebuerg ze gestalten.